Esch-Uelzecht, den 21.September 2026

# Logement an Transport Ëmfro

## Introduktioun

D'Logementskris zu Lëtzebuerg stellt eng aktuell gesellschaftlech Erausfuerderung duer, déi och Student:innen direkt betrëfft. Vill Student:innen hu Problemer, eng passend a bezuelbar Wunneng ze fannen, besonnesch no bei hirer Universitéit oder hirer Schoul. Zousätzlech stellt och den Transport eng weider Schwieregkeet duer, well vill Student:innen op laang Weeër an op den ëffentlechen Transport ugewise sinn, deen net ëmmer praktesch oder zouverlässeg ass. Déi héich Loyeren an déi limitéiert Offer u bezuelbare Wunnengen erschwéieren den Zougang zu engem passende Logement. Besonnesch Student:innen, déi net bei hiren Eltere wunnen oder aus dem Ausland kommen, si vun dëser Situatioun betraff.

## Allgemeng

An deem Kader hu mir am September 2025 eng Ëmfro lancéiert un där jiddereen deelhuele konnt, onofhängeg dovun, ob en zu Lëtzebuerg oder am Ausland studéiert. Dës Ëmfro hu mir iwwer 5 Méint laafe gelooss. Doduerch konnt eng méi breet a representativ Iwwersiicht iwwer d'Wunnsituatioun vu Student:innen gesammelt ginn. Esou war et méiglech, hier verschidde Perspektiven an Erfarungen ze analyséieren an ze vergläichen, zum Beispill tëscht Student:innen, déi hei am Land wunnen, an deenen, déi fir hiere Studium an d'Ausland gaange sinn oder vu baussen op Lëtzebuerg komm sinn.

D'Froestellung vun der eiser Ëmfro ass: Wéi beaflosst d'Logementskris an den ëffentlechen Transport zu Lëtzebuerg d'Liewe vu Student:innen? Fir dës Thematik z'ënnersichen, gouf eng Ëmfro mat 432 Participanten duerchgefouert. D'Ëmfro bestoung aus insgesamt 31 Froen an d'Beäntwerung huet ongeféier 10 bis 12 Minutte gedauert.

**ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois asbl**

contact@acel.lu
www.acel.lu

Tel.: (+352) 20 60 84 84
/acelluxembourg

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

(+352) 20 60 84 84 - **1** | Président·e
(+352) 20 60 84 84 - **4** | Vice-Président·e Représentation

SPUERKEESS
Partenaire officiel

D’Zilsetzung vun der Etüd ass et, d’Auswierkunge vun der Logementskris op Student:innen ze analyséieren an déi relevant Problemer am Zesummenhang mat der Wunnengssituatioun am Studium ze identifizéieren.

Vun den insgesamt 432 Participante kommen 146 Persounen (33,80 %) aus Lëtzebuerg, 141 (32,64 %) aus engem EU-Land an 145 (33,56 %) vun ausserhalb vun der Europäescher Unioun. D'Verdeelung vum Hierkonftsland ass domat bal gläichméisseg tëscht deenen dräi Gruppen, wat éischter engem Zoufall entspréicht.

Wat d’Studieland ugeet, hunn 366 Participanten (84,72 %) uginn, dass si zu Lëtzebuerg studéieren, wärend 66 Persounen (15,28 %) hire Studium am Ausland maachen.

Ënnert de 366 Student:innen, déi zu Lëtzebuerg studéieren, kënnt déi gréisste Grupp mat 145 Persounen (39,62 %) vun ausserhalb vun der EU. Weider 139 Participanten (37,98 %) kommen aus engem EU-Land, an 82 Persounen (22,40 %) stamen aus Lëtzebuerg.

Bei de Student:innen, déi zu Lëtzebuerg studéieren, ass d’Universitéit Lëtzebuerg mat 316 Participanten (86,34 %) däitlech déi meescht vertrueden Institutioun. Donieft studéiere 45 Persounen (12,30 %) an engem BTS-Programm, wärend 5 Participanten (1,37 %) beim Luxembourg Institute of Science and Technology ageschriwwe sinn.

## Methodik

D’ACEL huet eng reng Online-Ëmfro duerchgefouert, fir sech bei de Student:innen iwwer hir Logementssituatioun ze informéieren an erauszefannen, wéi si den ëffentlechen Transport bewäerten.

An der Ëmfro goufen haaptsächlech Multiple-Choice- a Single-Choice-Froe benotzt. Zousätzlech goufen et och oppe Froe mat Fräifeldtext, an deenen d’Student:innen hir Meenung an hir Perspektiv zu de verschiddene Themen ausdrécke konnten.

D’Multiple-Choice-Froe goufe quantitativ ausgewert, fir en Iwwerbléck iwwer d’Situatioun vun de Student:innen ze kréien, déi un der Ëmfro deelgeholl hunn. Fir déi qualitativ Froen auszewäerten, goufen Labels erstallt, fir déi verschidden Äntwerten thematesch ze klasséieren an no widderhuelende Musteren, Meenungen a Problematiken ze gruppéieren. Dës Kategoriséierung huet et erméiglecht, déi oppen Äntwerte systematesch ze analyséieren an déi wichtegst Themen a Tendenzen, déi vun de Student:innen ugeschwat goufen, erauszeschaffen.

# Ëmfro Resultater:

## Deel 1: Logement

**Froen 1 bis 8 (Allgemeng Informatiounen zur Logementssituatioun vun de Student:innen)**

Mir hunn d'Student:innen no hirer aktueller Wunnengssituatioun gefrot a follgend Erklärunge ginn déi och sou vum Statec benotzt ginn:

- **Students living alone:** Eenzelhaushalter, an deenen déi eenzeg Persoun e Student ass.
- **Shared Households:** Haushalter mat zwou oder méi Persounen, déi weder als Koppel nach an enger Elteren-Kand-Relatioun zesummeliewen (z. B. Matbewunner, Frënn, Geschwëster, Kosengen oder aner Familljememberen, soulaang keng Elteren-Kand-Relatioun besteet).
- **Couples without children:** Koppelen (op d'mannst ee Partner ass Student), déi ouni Kanner am Stot liewen.
- **Couples with children:** Koppelen, déi mat Kanner zesummeliewen (op d'mannst ee Partner, ee Kand oder eng aner Persoun am Stot ass Student).
- **Single-Parents Households:** Eenzel Elteren, déi mat hire Kanner zesummeliewen (den Elterendeel, op d'mannst ee Kand oder eng aner Persoun am Stot ass Student).
- **Multi-Family Households:** Haushalter, an deenen e puer Familljenunitéiten zesummeliewen (op d'mannst eng Persoun ass Student, onofhängeg dovun, zu wéi enger Familljenunitéit si gehéiert).

D'Wunnsituatioun vun de Student:innen ënnerscheet sech däitlech jee no hirer Hierkonft. Am Allgemenge sinn **Students Living Alone** (32,74 %) a **Shared Households** (30,60 %) déi heefegst Logementstypen ënnert de Student:innen zu Lëtzebuerg, mee d'Verdeelung variéiert staark tëscht de verschiddene Gruppen.

Ënnert de Lëtzebuerger Student:innen dominéieren éischter familiär Wunnformen. Déi meescht wunnen an engem **Multi-Family Household** (26,83 %), gefollegt vun **Single-Parent Household** (25,61 %). Dëst weist, dass vill Lëtzebuerger Student:innen an hirem familiären Ëmfeld bleiwen oder op etabléiert Familljestrukturen zréckgräife kënnen. Déi mannst vertruede Kategorie si **Couples without children** (4,88 %).

Bei den EU-Student:innen ass d'Bild anescht. Hei ass de **Shared Household** déi heefegst Wunnform (41,01 %), gefollegt vu **Students Living Alone** (29,50 %). Och hei ass déi mannst vertruede Kategorie **Couples without children** (3,60 %). Dës Verdeelung weist, dass EU-Student:innen éischter op flexibel a studiegerecht Wunnformen zeréckgräifen.

Dësen Trend ass nach méi ausgepräägt bei de Student:innen vun ausserhalb vun der EU. Bal d'Hallschent vun hinne wunnt eleng (**Students Living Alone**: 47,59 %), wärend 29,66 % an engem **Shared Household** liewen. **Single-Parents Households** sinn hei mat nëmmen 2,07 % bal net vertrueden. Dëst ënnersträicht den temporären a studiumsorientéierten Charakter vun hirem Openthalt zu Lëtzebuerg.

**Conclusioun:**

D'Analyse weist kloer, dass Lëtzebuerger Student:innen éischter a familiären Haushaltsforme liewen, wéi Multi-Family- oder Single-Parent-Households. Hei schéngen d'Familljestruktur an d'Méiglechkeet, am familiären Ëmfeld ze bleiwen, eng wichteg Roll fir d'Wunnsituatioun ze spillen.

Bei den auslännesche Student:innen, egal ob aus der EU oder vun ausserhalb vun der EU, dominéieren dogéint **Shared Households** a **Students Living Alone**. Dëst léisst drop schléissen, dass vill vun dëse Student:innen haaptsächlech fir hire Studium op Lëtzebuerg kommen an net mat enger Famill migréieren. Zousätzlech kënnen déi héich Logementskäschten dozou bäidroen, dass besonnesch EU-Student:innen sech fir Wunnforme wéi Wunnengsgemeinschaften entscheeden, déi méi flexibel a finanziell méi accessibel sinn. Student:innen vun ausserhalb vun der EU tendéieren dogéint méi dacks dozou, eleng ze wunnen, wat op ënnerschiddlech Bedierfnesser, Ressourcen oder Wunnméiglechkeeten hindeite kann.


Dobäi gëtt betount, dass d'Uni.lu ongeféier 1000 Studentewunnengen an 32 verschiddenen Residencë besëtzt. Vun den 315 Participanten, déi d'Fro 8 op se an enger Wunneng vun der Uni.lu wunne géifen, beäntwert hun, soten 90 dat si an enger vun dësen Studentewunnengen wunnen, wat 28,6 % entsprécht.


**Fro 9: Limitéiert Dauer fir d'Studentewunnengen**

D'Student:innen déi eng Studentewunneng vun der Uni.lu zu Lëtzebuerg hunn, dierfe just 3 Joer am Bachelor oder 2 Joer am Master oder Doktorat an der Wunneng bleiwen. Mir hunn eis Participanten déi eng Studentewunneng hunn oder hate gefrot wat si dovunner halen. Ongeféier d'Hallschent vun eise Participanten hu Verständnis fir de System (48,81 %). Si soen, dass se agesinn dass de System hëlleft de neie Student:innen och eng Wunneng ze fannen an dass ee muss solidaresch sinn. E bësse méi wéi d'Hallschent vun de Participanten (53,57 %) kritiséieren allerdéngs dee System. Eng grouss Kritik déi opkomm ass, ass dass d´Limitéierung de Stress am Studium erhéicht, well een Angscht muss hunn ouni Wunneng do ze stoe wann ee säi Studium net e Regelstudienzäit packt. Virun allem d'Limitéierung beim Doktorat ob 2 Joer gouf staark kritiséiert, well en Doktorat an der Reegel däitlech mei laang dauert. D'Participanten hätten sech och gewënscht, dass de System e bësse méi flexibel ass, sou dass een nach kéint e puer Méint bis zum Beispill der Diplomiwwerreechung dobäifüge kéint.

**Conclusioun:**

D'Resultater weisen, dass d'Limitéierung vun der Wunnzäit an de Student:innenresidenzen vun engem Deel verstane gi, well si dozou bäidréit, nei Student:innen ënnerzebréngen. Gläichzäiteg gëtt de System awer vu ville Participanten als ze strikt empfonnt. Besonnesch de Risiko, wärend dem Studium oder engem Doktorat seng Wunneng ze verléieren, gëtt als zousätzlech Belaaschtung an als Quell vu Stress beschriwwen. D'Äntwerte weisen dofir, dass vill Student:innen sech e méi flexibele System wënschen, dee besser un déi tatsächlech Dauer vun de verschiddene Studieprogrammer ugepasst ass.





**Fro 10: War et einfach eng Studentewunneng ze kréien?**


Och wann d'Student:innen déi un eiser Emfro deelgeholl hu schlussendlech eng Wunneng fonnt hunn, héiert een emmer erëm vun administrative Schwieregkeeten um Wee dohin. Dofir wollte mir vun eise Participantë wëssen, wéi einfach et fir si war eng Wunneng ze fannen.

D'Majoritéit vun de Participanten (56,41 %) hu gesot, dass et fir si schwéier war eng Studentewunneng ze kréien. Kritiséiert gouf heibäi virun allem déi laang Waardezäit. E puer Participante schwätze vu bis zu 6 Méint Waardezäit. Eng weider Kritik déi oft genannt gouf, ass d'Kommunikatioun mat der Uni. D'Participante beschwéieren sech, dass se keng Äntwerten ob Emaile krute wou se Froen iwwer de Status vun hirer Bewerbung hunn. Anerer soen, dass si net kloer kommunizéiert krute wat hire Status ass. Si kritiséieren och, dass d'Kommunikatioun iwwert d'Studentewunnenge mat der Uni geschitt, obwuel se vun enger privater Firma geréiert ginn. 30,77 % vun de Participanten hunn uginn, dass et fir si einfach war eng Studentewunneng ze kréien. Hei gouf virun allem gelueft, dass Student:innen déi am Erasmus sinn oder e Scholarship hunn et einfach hunn eng Wunneng ze kréien. De Rescht vun de Leit déi ob déi Fro geäntwert hunn (12,82 %) hunn neutral Äntwerte ginn. Oft hunn se gesot, dass d'Aschreiwen an d'Demande u sech einfach ass, mee d'Kommunikatioun mat der Uni komplizéiert ass. Eng aner Äntwert déi gi gouf war, dass den 1. Versuch am Bachelor schwéier war an ee keng Wunneng krut, mee ee méi spéit an der akademescher Carrière, am Master oder Doktorat trotzdeem einfach eng Wunneng krut. Vergläicht een EU-Bierger mat net Net-EU-Bierger, sou fält ob, dass 36,6 % vun den EU-Bierger gesot hunn dass et fir si einfach war eng Wunneng ze fannen, wärend nëmmen 22,2 % vun den Net-EU-Bierger dat selwecht soen. Am Géigesatz dozou soen 68,8 % vun den Net-EU-Bierger, dass et fir si schwéier war eng Studentewunneng ze kréien. Bei den EU-Bierger waren et 43,3 %.

**Conclusioun:**

D'Resultater weisen, dass de Prozess fir eng Studentewunneng ze kréien vu ville Participanten als usprochsvoll empfonnt gëtt. Déi gréisste Problemer sinn déi laang Waardezäiten an eng Kommunikatioun, déi dacks als onkloer oder net genuch reaktiv beschriwwe gëtt. Gläichzäiteg weisen d'Äntwerten, dass verschidde Gruppen, wéi Erasmus-Student:innen oder Student:innen déi ee Scholarship hunn, de System als méi accessibel erliewen. Besonnesch opfälleg ass den Ënnerscheed tëscht EU- an Net-EU-Student:innen, wärend EU-Bierger méi dacks uginn, einfach eng Wunneng fonnt ze hunn, sinn Net-EU-Bierger wesentlech méi mat Schwieregkeete konfrontéiert. Dëst weist drop hin, dass den Zougang zu Studentewunnenge net fir all d'Gruppe gläich einfach ass an dass besonnesch bei der Kommunikatioun an der Transparenz vum Vergabeprozess Verbesserungspotenzial besteet.



**Fro 11 : Grënn fir net an enger Uni.lu Wunneng ze wunnen**

Eng grouss Partie vun de Student:inne liewen net an enger Studentewunneng vun der Uni.lu. D'Participantë goufe gefrot u wat dat géif leien an hu vilfälteg op dës Fro geäntwert. Vun all de Participanten hunn der 238 op dës Fro geäntwert.

D'Grënn ënnerscheeden sech jee no der Origine vun de Student:innen, obwuel och strukturell Problemer am Allgemengen eng Roll spillen, wéi an der Fro 1-8 schonn erkläert gëtt. Déi meescht genannte Grënn sinn net interesséiert (32,82 %) a refuséiert ginn (30,77 %), mat kloren Ënnerscheeder tëscht de Gruppen.

Den Haaptgrond vun de Student:innen vu baussent der EU ass de Refus säitens der Uni (30,9 %). Si sinn och majoritär op de Waardeléschten (20,6 %) oder hunn deelweis keen Interessi un de Wunnengen (22,7 %). Ee weidere wichtege Grond ass d'Iwwerschreidung vun der maximal erlaabter Wunnzäit (15,5 %), wat op kloer Kapazitéits- an Zougangsproblemer hiweist.

Am Géigesaz dozou ginn EU-Student:innen a virun allem Lëtzebuerger Student:innen méi dacks Grënn un, déi mat perséinleche Choixen ze dinn hunn. Zum Beispill ass doheem wunne bal exklusiv bei Lëtzebuerger ze gesinn (25,5 % bei de Lëtzebuerger géintiwwer 1 % fir déi aus der EU a 4 % fir net-EU). Och de geréngen Interessi ass héich bei Lëtzebuerger (40 %), wat dorob schléisse léist, dass och déi Persounen entweder doheem wunnen oder no bei der Uni wunnen. Bei den EU-Student:innen ass de geréngen Interessi awer och net ze ignoréieren (23,3 %).

**Conclusioun:**

D'Analyse weist, dass d'Ursaache fir net an enger Studentewunneng ze liewe staark vun der Hierkonft vun de Student:innen ofhänken. Wärend net-EU-Student:innen virun allem mat strukturellen Hürde wéi Refusen, Waardeléschten an Zouganksbeschränkunge konfrontéiert sinn, schéngen EU- a besonnesch Lëtzebuerger Student:innen hir Wunnsituatioun méi dacks op Basis vu perséinleche Choixen ze gestalten. D'Resultater deiten domat op eng Ongläichheet beim Zougang zu Studentewunnenge hin, déi besonnesch Student:innen vun ausserhalb vun der EU betréfft. Finanziell Aspekter spillen zwar fir all d'Gruppen eng Roll, si erklären awer net déi grouss Ënnerscheeder tëscht de verschiddenen Hierkonftsgruppen.

**Fro 12 : Wat hunn d'Student:innen gemaach, nodeems si keng Uni.lu Wunneng kruten?**

Fir all d'Student:innen, déi keng Wunneng vun der Uni.lu kruten, gouf gefrot wat si als weider Demarchen duerno gemaach hunn. Dobäi goufen si no den Alternative gefrot, ob déi si hu missen zeréckgräifen.

D'Resultater weisen, dass de private Wunnengsmaart global déi heefegst Alternativ ass (59,50 %), besonnesch fir EU-Student:innen (53,4 %) a Student:innen vun ausserhalb der EU (71,7 %), déi staark dorop ugewise sinn.

Fir Lëtzebuerger Student:innen ass d'Situatioun awer kloer anescht: hir Haaptalternativ ass doheem wunnen (64,3 %), wärend nëmmen e ganz klenge Deel op de private Marché zeréckgräift (21,4 %). Dat weist, dass si vill méi oft op familiär Léisunge zeréckgräifen kënnen.

Baussent Lëtzebuerg wunnen (13,22 %) betrëfft virun allem EU-Student:innen (81,25 %), wat op grenziwwerschreidend Wunnstrategië hiweist. WG'en (9,92 %) ginn haaptsächlech vun EU- (41,7 %) an net-EU-Student:innen (50 %) genotzt, a spille bei Lëtzebuerger kaum eng Roll.

Aner Optiounen, wéi privat Studentewunnengen (4,13 %) oder temporär Léisungen (3,31 %), spillen nëmmen eng kleng Roll.

**Conclusioun:**
D'Analyse weist, dass Student:innen déi keng Studentewunneng kréien, gréisstendeels op de private Wunnengsmaart auswäichen. Besonnesch EU- an net-EU-Student:inne si staark op dës Alternativ ugewisen, well si dacks net op familiär Ënnerstëtzung zu Lëtzebuerg zréckgräife kënnen. Lëtzebuerger Student:innen hunn dogéint vill méi dacks d'Méiglechkeet, doheem bei hirer Famill ze wunnen. D'Resultater weisen domat, dass d'Konsequenze vun engem net erfollegräichen Accès zu enger Studentewunneng jee no Hierkonft staark variéieren. Ausserdeem deit d'Tatsaach, dass quasi keng Persoun eng nei Demande als Haaptalternativ ugëtt drop hin, dass vill Student:innen de Vergabeprozess als wéineg erfolgsverspriechend empfannen an amplaz séier op aner Wunnméiglechkeeten auswäichen.

**Fro 13 : Generell Kommentarer zum Logement**

Fir méiglechst all d'Problemer zu der Logementsituatioun mat eiser Ëmfro opfaassen ze kënnen, gouf et eng Fro, wou d'Participanten einfach fräi hier Problemer beschreiwe konnten.

D'Kommentarer zur Wunnsituatioun vun de Student:innen deiten ob e kloert Bild, mat engem staarke Fokus op Präis, Disponibilitéit a Verbesserungsvirschléi.

Am heefegste gëtt genannt, dass d'Wunnen ze deier ass. Dëst gëtt an de Kommentaren däitlech konkretiséiert: Student:innen beschreiwen, dass de Loyer e groussen Deel oder bal dat ganzt Akommes ophëlt, dass een eenzelt Zëmmer iwwer 1000€ kaschte kann, oder dass si finanziell ofhängeg bleiwen oder net kënnen onofhängeg liewen.

Nieft de Käschten ass de Manktem un Offer an de Besoin fir méi Wunnengen e weideren zentrale Punkt. Och hei weisen d'Donnéeën, dass dës Problemer haaptsächlech de Lëtzebuerger Wunnengsmaart betreffen, mat Referenzen op héich Demande, streng Konditiounen a schwieregen Zougang zum private Marché.

Vill Student:innen ginn och konkret Suggestiounen an Iddien un, virun allem déi, déi zu Lëtzebuerg studéieren. Dës enthalen ënner anerem:

- méi Uni-Wunnengen, besonnesch no beim Campus
- méi bezuelbar Léisungen
- Prioritéit oder besser Ënnerstëtzung fir international Student:innen
- Upassunge vun de Reegelen, z. B. méi laang Dauer vun de Kontrakter (2 Joer maximal fir e PhD Student dee minimum 3 Joer dauert, ergëtt kee Sënn)

Am Géigesaz dozou sinn d'Kommentarer vu Student:innen, déi am Ausland studéieren, méi verschidden an oft manner kritesch, wat drop hiweist, dass d'Wunnsituatioun do als manner problematesch oder op d'mannst manner systematesch ugesi gëtt. Et muss awer betount ginn, dass dës Ëmfro haaptsächlech vu Leit op der Uni.lu beäntwert gouf, woufier dës Aussoen net onbedéngt representativ sinn.

Zousätzlech ginn d'Liewensbedingunge kritiséiert, mat Beispiller wéi Hygièneproblemer, Kaméidi oder schlecht Maintenance, wat weist, dass et net nëmmen ëm Präisser, mee och ëm Qualitéit geet. Dëst si Problemer, déi virun allem zu Lëtzebuerg beschriwwe ginn.

D'Kommentarer bei „other answers" reflektéiere vill individuell Erfarunge, dorënner Stress, mental Belaaschtung durch onkloer Wunnengssitutiounen oder laang Pendelzäiten, wat nach eng Kéier ënnersträicht, dass d'Problematik net nëmme finanziell, mee och sozial an akademesch Konsequenzen huet.

Opfälleg ass och, dass positiv Kommentare relativ wéineg sinn an éischter aus Ausname-Situatiounen entstinn.

Am Ganze weist sech e ganz kloert Bild: d'Wunnproblematik ass virun allem e strukturellt Thema zu Lëtzebuerg, wärend Student:innen mat Erfarungen am Ausland dës Problemer wesentlech manner staark beschreiwen.

## Deel 2: Transport

**Fro 14 : Wéiee Transport benotzt du fir op d'Uni ze kommen?**

Fir ee méi präzisen Iwwerbléck iwwert d'Transportsituatioun an ee méi kloert Bild iwwert d'Problematik ze kréien, hu mir eis Participantë gefrot wéieng Transportméiglechkeeten si benotze fir op d'Uni ze goen.

D'Resultater weise kloer, dass den ëffentlechen Transport déi dominant Transportform fir Student:innen ass (62,08 %), souwuel fir déi, déi zu Lëtzebuerg studéieren (64,4 %), wéi och am Ausland (52 %). Zu Fouss goen (19,52 %) an den Auto (13,57 %) spillen eng méi kleng, awer net onwichteg Roll. Besonnesch op der Uni.lu confirméiert sech dëst Bild, wou bal 65 % den ëffentlechen Transport benotzen. Dëst weist, dass d'Mobilitéit vun de Student:innen staark vun der Disponibilitéit vum ëffentlechen Transport ofhänkt

Allerdéngs weisen déi individuell Kommentaren, dass dës Dominanz net ëmmer mat Zefriddenheet verbonnen ass. Vill Student:innen beschreiwen den ëffentlechen Transport als lues oder onzouverlässeg („*it doubles the time needed to commute and is often unreliable*", „*the bus is usually late of 15 to 30 min*"), wat dozou féiert, dass si heiansdo op den Auto zeréckgräifen. Anerer mussen op Multimodalitéit zeréckgräifen („*walk to train station, then train and tram*") oder entscheede jee no Wieder oder Zäitplang („*depends on the weather and schedule*"). Gläichzäiteg spillen och logistesch a finanziell Faktoren eng Roll, z. B. wann den Auto als ze deier ugesi gëtt oder keng direkt Verbindungen existéieren. Insgesamt weist d'Fro, dass Transport eng zentral Roll am Student:innenalldag spillt an enk mat der Wunnsituatioun verbonnen ass.

**Conclusioun:**


D'Resultater weisen, dass den ëffentlechen Transport de wichtegste Mobilitéitsmëttel fir Student:innen zu Lëtzebuerg ass an eng zentral Roll an hirem Alldag spillt. Gläichzäiteg gëtt awer däitlech, dass déi héich Notzung net automatesch mat enger héijer Zefriddenheet gläichzesetzen ass. Vill Student:innen kritiséieren d'Zouverlässegkeet, d'Reeszäiten an d'Qualitéit vun de Verbindungen, wat si dozou beweegt, alternativ Transportmëttel ze benotzen oder verschidde Mobilitéitsforme mateneen ze kombinéieren. D'Analyse ënnersträicht domat, dass eng gutt funktionéierend Transportinfrastruktur eng wesentlech Viraussetzung fir den Alldag vun de Student:innen ass a staark mat hirer Wunnsituatioun a Liewensqualitéit zesummenhänkt.

**Fro 15 : Wéivill bezills du pro Mount fir den Transport fir op d'Uni**

Och de Präis, deen d'Participantë mussen ausgi fir den ëffentlechen Transport, spillen eng grouss Roll wat d'Situatioun vum Transport ugeet. Hei ass kloer, dass Studenten, déi zu Lëtzebuerg studéieren do keng bis wéineg Käschte wäerten hunn.

D'Fro 15 weist als éischt eng ganz staark Spléckung tëscht Student:innen, déi zu Lëtzebuerg studéieren, an deenen, déi am Ausland studéieren. Am Total gi 66,67 % un, 0€ pro Mount fir den Transport ze bezuelen; fir Student:innen, déi zu Lëtzebuerg studéieren, sinn et souguer 75,68 %, wat kloer mam gratis ëffentlechen Transport am Land zesummenhänkt. Dat gesäit een och an de Kommentaren: „Nothing since public transport is free in Luxembourg", „Rien. C'est gratuit au Luxembourg" oder „That's a good thing to mention that we don't pay for transport here". Dobäi läit de globale Median bei 0€, an d'Moyenne bei 34,21€, wat weist, dass vill Student:innen guer näischt bezuelen, och wann e puer héich Ausgaben den Duerchschnëtt no uewen zéien.

Gläichzäiteg weisen d'Resultater, dass net jidderee gläich vum gratis Transport profitéiert. Besonnesch fir Student:innen, déi am Ausland studéieren, ass d'Belaaschtung däitlech méi héich: do bezuelen nëmme 16,67 % 0€, an déi meescht leien am Beräich vu 25–49€ pro Mount. Nach méi markant ass d'Situatioun bei deenen, déi zu Lëtzebuerg studéieren, awer Loyer bezuelen (rent (loyer) > 0): hei läit d'Moyenne bei 134,94€, de Median bei 82,50€, a 27,27 % bezuele méi wéi 150€ pro Mount. D'Kommentarer illustréieren dat gutt: „300 euros because the uni is in the most remote place possible", „If you only count the gas, then it's at least 360€ as I have to drive exactly 200 km per day" oder „85€ for parking alone + gas for the car".



**Conclusioun:**
D'Resultater weisen, dass de gratis ëffentlechen Transport zu Lëtzebuerg e wesentleche Virdeel fir Student:innen duerstellt an dozou bäidréit, dass déi grouss Majoritéit keng direkt Transportkäschten huet. Gläichzäiteg gëtt awer däitlech, dass dëse Virdeel net all Student:innen op déi selwecht Aart a Weis erreecht. Besonnesch Student:innen, déi am Ausland studéieren oder déi zu Lëtzebuerg op den Auto ugewise sinn, droen deelweis substantiell Transportkäschten. D'Analyse weist domat, dass d'Käschte vum Transport staark vun der Wunnsituatioun, der Distanz zum Studieplaz an der Disponibilitéit vu passende Verbindungen ofhänken. Och wann de gratis ëffentlechen Transport eng grouss finanziell Entlaaschtung fir vill Student:innen bedeit, bleift Mobilitéit fir eng relevant Minoritéit eng bedeitend finanziell a logistesch Erausfuerderung. D'Fro weist also, dass Transport fir vill Student:innen zwar gratis oder bëlleg ass, mee fir eng relevant Minoritéit eng reell finanziell Belaaschtung bleift, besonnesch wann ee wäit ewech wunnt oder op den Auto ugewisen ass.


**Fro 16 : Fënns du dass den ëffentlechen Transport ze laang brauch fir op d'Uni?**

D'Dauer vum Transport bis op d'Uni spillt fir vill Participanten eng grouss Roll. Mat dëser Fro soll erausfonnt gin, ob d'Dauer bis op d'Uni vertrietbar ass oder et awer Grënn gin wisou se net zefridde mat der Dauer sinn. Dës Fro weist soumat och ob allgemeng Transportproblemer hin, net nëmme spezifesch am lien zur Uni.

D'Resultater vun dëser weisen eng bal perfekt Spléckung tëscht de Student:innen: am Total mengen 49,54 % dass den ëffentlechen Transport ze laang dauert, wärend 50,46 % dat net esou gesinn. Wann een sech awer just d'Student:innen ukuckt, déi zu Lëtzebuerg studéieren, gesäit een eng aner Tendenz: hei soen 53,55 % „Jo", also eng Majoritéit, dass den Transport ze laang dauert. Am Géigesaz dozou si Student:innen, déi am Ausland studéieren, vill manner kritesch (nëmme 27,27 % „Jo"). Dëst weist, dass d'Transportdauer staark vum Kontext ofhänkt, besonnesch vun der Infrastruktur an der Distanz zum Campus an dem Hierkonftsland.

Déi individuell Äntwerte confirméieren dëst gemëschte Bild: vill Student:innen fannen den Transport ze laang oder ineffizient, wat sech an de ville „Jo"-Äntwerten erëmspigelt, besonnesch bei Pendler. Gläichzäiteg ginn et och vill „Nee"-Äntwerten, wat drop hiweist, dass d'Situatioun fir e groussen Deel akzeptabel oder gutt funktionéiert, z. B. wann een no beim Campus wunnt oder gutt Verbindungen huet. Insgesamt weist d'Fro, dass d'Zäit, déi een am ëffentlechen Transport verbréngt, eng zentral awer heterogen Erausfuerderung am Student:innenalldag bleift, staark ofhängeg vun individueller Wunnsituatioun an Transportverbindungen.

**Conclusioun:**
D'Resultater weisen, dass d'Bewäertung vun der Transportdauer staark vun der individueller Situatioun vun de Student:innen ofhänkt. Och wann d'Participanten am Total bal gläichméisseg tëscht Zefriddenheet an Onzefriddenheet opgedeelt sinn, gëtt bei de Student:innen zu Lëtzebuerg eng Tendenz sichtbar, den ëffentlechen Transport als ze lues oder ze zäitopwänneg ze empfannen. Dëst deit drop hin, dass net nëmmen d'Disponibilitéit, mee och d'Effizienz an d'Reeszäit eng wichteg Roll fir d'Qualitéit vum ëffentlechen Transport spillen. D'Analyse ënnersträicht domat, dass d'Mobilitéitserfarung vun de Student:innen staark vun hirem Wunnuert, hire Verbindungen an hirem deegleche Pendelwee beaflosst gëtt.




**Fro 17 : Wisou huelen d'Student:innen keen ëffentlechen Transport?**

Mat dëser Fro goufen d'Participantë gefrot, wisou se keen ëffentlechen Transport benotze wann se bei Fro 14 uginn hunn, dass se kee benotzen. Hei solle weider Grënn a Problemer opgegraff ginn.

D'Resultater vun der Fro 17 weisen, dass allgemeng d'Meenungen ausernee ginn. Mat 42,31 % huelen d'Student:innen keen ëffentlechen Transport well se no genuch wunnen. Aner 30,77 % fannen, dass den Transport ze laang dauert. An dësem Fall ass et méi ausdrocksstaark éischtens tëscht de lëtzebuergeschen an auslännesche Student:innen an zweetens tëscht Student:innen déi zu Lëtzebuerg an am Ausland studéieren ze ënnerscheeden.

D'Student:innen déi zu Lëtzebuerg studéiere hunn als Haaptgrond uginn, dass den ëffentlechen Transport ze laang dauert (26,15 %) oder dass se souwisou schonn no bei der Uni wunnen an en domat net brauchen (40 %). Dëst weist, dass d'auslännesch Student:innen éischter no um Campus wunnen an eventuell do Wunnengen hunn an d'lëtzebuergesch Student:innen éischter vu méi weit kommen, wou den Transport da méi Problemer mat sech brénge kann, ewéi eng ze laang Dauer, Verspéidungen oder ganz Ofsoen a soumat dann d'Onzouverlässegkeet.

Bei de Student:innen déi am Ausland studéieren, si 93,8 % vun de Student:innen, déi geäntwert hunn, Lëtzebuerger. Et besteet eng relativ gläichméisseg Opdeelung bei den Argumenter déi den ëffentlechen Transport net huelen, emol  well se no bei dem Campus wunnen (40 %) oder och hei well en ze laang dauert (46,7 %).

Aus dësen Äntwerte kann een da schléissen, dass virun allem beim Studéieren zu Lëtzebuerg d'Onzouverlässegkeet an d'Dauer d'Haaptargumenter sinn, wisou besonnesch Lëtzebuerger Student:innen den ëffentlechen Transport net benotzen.

**Conclusioun:**
D'Analyse weist, dass d'Grënn fir den ëffentlechen Transport net ze benotze staark vun der Wunnsituatioun an der Distanz zum Campus ofhänken. Wärend vill Student:innen den ëffentlechen Transport net benotzen, well si no genuch bei hirer Studieplaz wunnen, gëtt virun allem vun de Lëtzebuerger Student:innen d'Dauer vun de Reesen als Haaptproblem genannt. Dëst léisst drop schléissen, dass si méi dacks vu méi wäit hier pendelen an domat méi staark vun den Aschränkunge vum ëffentlechen Transport betraff sinn. Am Géigesaz dozou wunnen auslännesch Student:innen dacks méi no beim Campus, wat hir Ofhängegkeet vum ëffentlechen Transport reduzéiert. Insgesamt deiten d'Resultater drop hin, dass besonnesch d'Reeszäit an d'Zouverlässegkeet vum Transport wesentlech Facteure sinn, déi d'Mobilitéitsgewunnechte vun de Student:innen zu Lëtzebuerg beaflossen.

**Fro 18 : Wat denken d'Student:innen vum Transport tëscht den zwee Campus'en, hunn se iergendeng Problemer gehat?**

D'Uni.lu huet zwee Campus'en zu Lëtzebuerg, een um Belval an een um Kierchbierg. Vill Student:innen mussen och wärend dem Dag mol de Campus wiessele fir an hier verschidde Kueren ze goen. Dobäi hu mir si gefrot ob si dobäi op Problemer gestouss sinn.

Bei der Fro, ob d'Student:innen iergendeng Problemer mam Transport tëscht den zwee Campusse vun der Uni.lu hunn, ginn et vill verschidde Meenungen. Drei Argumenter stiechen allgemeng erwier, eng ze laang Dauer (28,48 %), d'Verspéidungen an Ofsoen (26,06 %) an dass se usesch zefridde mam Transport sinn (21,82 %).

Just 9,7 % vun den Äntwerten si vu Lëtzebuerger an hunn sech zu dëser Fro geäußert. Dobäi sinn der 33,3 % net concernéiert, 23,8 % fannen den Transport gutt, an déi aner (42,9 %) soen dass d'Dauer ze laang ass, et ze vill Verspéidungen oder ze vill Ofsoe ginn.

Méi ausschlaggebend sinn d'Äntwerte vun den auslännesche Student:innen. Och hei stiechen déi nämmlecht 3 Argumenter besonnesch raus, eng ze laang Dauer (19,9 %), Verspéidungen an Ofsoen (19,4 %) an dass se zefridde sinn (14,4 %). Hei fält awer och d'Beispill vun enger Navette, déi soss ëmmer tëscht dem Campus um Belval an deem um Kierchbierg gefuer ass, an erëm zeréck gewënscht gëtt (6,5 %).

Weider Argumenter si bei béid och schlecht Verbindungen allgemeng. Dobäi fanne verschiddener, dass doduerch dass de Belval den Haaptcampus ass de Campus um Kierchbierg negligéiert gëtt. Och erwäänt gëtt, dass déi Busser déi fueren, dann oft iwwerfëllt sinn. Wat och als Problem puer mol erwäänt gëtt, ass d'komplett Ausfale vun den Zich am Summer, wouduerch ee gezwongen ass op aner Transportmëttel ëmzeklammen, déi dann automatesch méi belaascht sinn.

**Conclusioun:**
D'Resultater weisen, dass den Transport tëscht de verschiddene Campusse fir vill Student:innen eng Erausfuerderung duerstellt. Besonnesch déi laang Reeszäiten, d'Verspéidungen an d'Ofsoe ginn als widderhuelend Problemer genannt, déi den Alldag an d'Organisatioun vum Studium erschwéieren. Och wann en Deel vun de Student:innen mat de bestoende Verbindungen zefridden ass, gëtt an de Kommentaren däitlech, dass vill sech méi zouverlässeg a besser koordinéiert Verbindunge wënschen. De Wonsch no enger direkter Navetten tëscht de Campussen, d'Kritik un iwwerfëllte Verbindungen an d'Problemer während de Schinnenaarbechten ënnersträichen, dass de Campusiwwergreifende Transport nach Verbesserungspotential huet. Insgesamt deiten d'Resultater drop hin, dass eng méi effizient Verbindung tëscht de Campussen e wichtege Bäitrag kéint leeschten, fir de Student:innenalldag ze vereinfachen an d'Mobilitéit bannent der Uni ze verbesseren. Aus dëser Fro kann ee schléissen, dass den Transport tëscht de Campusse gréisstendeels zu Problemer féiert, wouduerch d'Student:innen net gutt tëscht hire Kueren de Campus wiessele kënnen.

**Fro 19 : Generell Kommentarer zum Transport**

Och beim Transportdeel hu mir de Participanten d'Méiglechkeet ginn, sech fräi iwwert den Transport ze äusseren an eis weider Problematike oder aner Sujete matzedeelen. Am Allgemenge behaapten déi meescht Student:innen, dass den ëffentlechen Transport misst verbessert ginn. Och hei sinn eng Partie Student:innen zefridde mam Transport. Dass den ëffentlechen Transport gratis ass gëtt och begréisst. Een Deel seet, dass den Transport ze laang dauert a weiderer fannen dass den ëffentlechen Transport duerch seng Retard'en an seng Ausfäll net zouverlässeg ass. Dëst Equiliber ass änlech fir Student:innen déi zu Lëtzebuerg studéieren. Bei de Student:innen, déi am Ausland studéieren, sin et d'Dauer an d'Onzouverlässegkeet déi d'Haaptargumenter sinn.

Aus de generelle Kommentarer kann ee raushéieren, dass besonnesch d'Student:innen, déi zu Lëtzebuerg studéieren awer net onbedéngt aus der Géigend vun der Stad/Belval kommen, Schwieregkeeten hunn op d'Uni ze kommen, sief et duerch déi laang d'Dauer, oder awer och allgemeng schlecht Verbindungen. Ee wichtege Krittär ass d'Verbindung tëscht Doheem an dem éischten Arrêt vum ëffentlechen Transport deen entscheedend ass ob d'Student:innen den ëffentlechen Transport huelen oder net. Och erwäänt gëtt hei déi mangelnd Méiglechkeet fir ze parke bei der Uni oder eben déi héich Präisser vum Parking vun der Uni. Ee Wonsch, deen och eng Partie Kéiere geäußert gouf, war eng direkt Linn tëscht den zwee Campussen.